Esch-Uelzecht, den 1. Oktober 2025

**Pressecommuniqué vun der ACEL :** Launch vun der Websäit studenteguide.lu

Zanter méi wéi 35 Joer publizéiert d'ACEL de « Guide du futur étudiant », deen all Joer gläichzäiteg mat der Rentrée veröffentlecht gouf. Fir méi genau ze si gëtt et dëse Guide säit 1988 an ass eng wichteg Informatiounsquell fir Jonker déi hir Studien zu Lëtzebuerg oder am Ausland wëllen ufänken. Bis haut fannen déi zukünfteg Student:innen hei alles wat si iwwer d'Aschreiwungen, d'Wunnengssich awer och d'Studentecerclen an deene verschiddene Studiestied wësse mussen.
1998 koum mam « Guide du futur diplomé » eng zweet Publikatioun vun der ACEL dobäi, déi déi Jonk mat Informatiounen zum Antrëtt an d'Beruffsliewen versuergt. Hei fënnt een Informatioune, wéi ee sech an engem Entretien verhält, wéi e gudden CV ausgesäit, op wat ee bei engem Aarbechtskontrakt soll oppassen, wat op een a punkto Stéieren a Krankekeess zoukënnt a villes méi.
2019 ass d'Publikatiounsrei vun der ACEL duerch « De Studenteguide » ergänzt ginn, deen de Student:innen eng Hëllefstellung bei Problemer mat Behörden an de verschiddene Länner soll ginn. Säit 2020 kritt all Ofschlossschüler:in aus dem Secondaire dëse Guide.

Haut huet d'ACEL déi grouss Freed de Launch vun engem Internetsite ze annoncéieren, deen d'Inhalter vun deenen dräi Guiden zentral regruppéiert. Mat der Digitalisatioun vun de Guiden mécht d'ACEL e grousse Schrëtt no vir an huet sou d'Méiglechkeet d'Informatiounsmaterial dat ganzt Joer iwwer aktuell ze halen. Esou hunn déi Jonk d'Méiglechkeet, d'Informatiounen aus de Guiden dat ganzt Joer iwwer, aktualiséiert a ganz einfach zougänglech, ze consultéieren.

De Site www.studenteguide.lu couvréiert 33 Studiestied an 9 verschiddene Länner, 8 Fachrichtungen an och aner Informatiounen, déi der Studienorientatioun (GapYear, Erasmus, Maison de l'orientation, Stagen) oder dem Iwwergang an d'Beruffsliewen déngen. Zukünfteg hofft d'ACEL, dass mir den Inhalt nach weider kënnen ausbauen an eng eng lieweg Plattform kënne bidden, déi sech un d'Besoinen vun de Schüler:innen a Student:inne riicht.

D'Publikatioun « De Studentguide » gëtt weiderhin als « Pocket Edition » vun der Websäit veröffentlecht mat engem QR-Code, deen direkt op de Site féiert. Dëse Guide wäert och weiderhin den Ofschlosschüler:innen aus de Lycéeë bei de Premièresdiplom dobäigeluecht ginn a wäert och op der Studentefoire de Schüler:innen zur Verfügung stoen


**Gianni DI PAOLI**
Président
gianni.dipaoli@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

**Sophie MANGEN**
Vice-Présidente Information
sophie.mangen@acel.lu
+352 2060 8484 - 2